

Formida Wunnen

Eng Platz fir ze wunnen an ze léieren





Léif Jugendlecher, léif Elteren,

Mir freeën eis immens iwwert äert Interessi un eiser Ariichtung.

Hei fannt dir Informatiounen zu den wesentlechen Beräicher vum Formida Wunnen déi den Alldag an d'Zesummeliewen an eiser Ariichtung ausmaachen.

Mir probéieren lech eng Virstellung ze vermëttelen, wéi d'Wunnen an den Alldag ënnert der Woch bei eis ausgesäit. Donieft wëllen mir lech och eisen pedagogeschen Usatz vermëttelen, wéi mir all Schüler an Schülerin an senger perséinlecher schoulescher mee och mënschlecher Entwécklung wëllen ënnerstëtzen.

Dobäi fannen mir et wichteg, dass du als Jugendlechen, mee och dir als Elteren, an deem Prozess agebonnen sidd, fir dass mer zesummen déi gesaten Zieler erreechen kënnen.

An dëser Infomapp fannt Dir och Informatiounen zu den verschiddeenen Méiglechkeeten fir déi eegen Fräizäit an der Wunnstruktur ze gestalten.

Am leschten Deel, kritt dir als Elteren, Erklärungen zum méi formalen an administrativen Deel vum Formida Wunnen. Am Betreivungsvertrag fannt dir déi rechtlech Konditiounen par Rapport zur Opnam vun ärem Kand.

Wat eis wichtig ass an der Zesummenaarbecht mat Jonker an Elteren

Seng eegen Zukunft gestalten an engem Kader vu Respekt an Oppenheet

Mir ginn dovun aus, dat jiddereen wann een jonk ass, seng eegen Zukunft wëll aktiv gestalten. Oft gëtt et och Dreem an Zieler, déi een gär wëll realiséieren. Dofir ass d'Basis fir d'Begleitung vun Jonker an eiser Wunnstruktur ee positivt Mënschebild.

Jiddereen huet ee Recht drop, an senger Eenzegeartegkeet gesinn an unerkannt ze ginn. Am Mëttelpunkt vun eiser Zesummenaarbecht mat dir an dengen Elteren steet den géigesäitegen Respekt an d'Oppenheet, onofhängeg vun denger Virgeschicht.

D'Siicht vum Aneren verstoen

An eisem alldeeglechen Schaffen, sief et mat dir als Jugendléchen, oder lech als Elteren, fënnt een dës positiv Haltung zréck. Mir probéieren deen Aneren ze verstoen, an wäertzeschätzen. Mir versichen an enger Manéier mateneen ëmzegoen, dat sech däin Vertrauen an deng eegen Fäegkeeten an Stärkten vergréisseren an och méi Zouversicht par Rapport zu denger Zukunft entstoen kann.



Jiddereen huet Kompetenzen an Fäegkeeten

Jiddereen, egal wou en hierkënnt, huet ganz vill Kompetenzen an Fäegkeeten. Verschiddener dovun sinn schonn visibel, awer keen gesäit se, aner Kompetenzen muss een eréischt zesummen sichen an entdecken. Eis Begleitung baut op dengen Stärkten an Qualitéiten op. Dofir engagéieren mir eis am Alldag mat vill Begeeschterung, deng Kompetenzen an Méiglechkeeten zesummen mat dir ze entdecken an weiderzëntwéckelen.

Eis interesséieren deng Iddien an Visiounen fir gutt an einfach Léisungen mat dir ze fannen mat deenens du an denger Zukunft eppes ufänken kanns.

Mir kucken mat Nohaltegkeet an eis gemeinsam Zukunft

Vill vun dem wat hei gesot gouf, ass mat enger Iddie verbonnen, déi mir Nohaltegkeet nennen. Dat heescht mir favoriséieren een Ëmgang mat Material an Ressourcen an der Wunnstruktur, an dem opgepasst gëtt, dat Saachen, déi op den éischten Bléck net méi ze gebrauchen sinn, aneschtens benotzt kënnen ginn. Nohaltegkeet ass eis awer och wichtig, par Rapport vun dengen Léiererfahrungen an Entwécklungsschrëtter. Eis Equipe ënnerstëtzt ee Léieren fir d'Liewen. Dat heescht, dass du bei eis villfälteg Erfahrungen maachen kanns, déi fir däin spéidert Liewen als Erwuess-enen eng positiv Wierkung hunn.

Participatioun

Formida Wunnen ass däin Projet, also ass et fir eis nëmmen richtig dass du och matentscheets. Sief et wat deng schoulesch Zukunft ugeet, wéi och d'Zesummeliewen hei am Grupp. Dëst kann z.B. an Form vun reegelméissegem Jugendversammlungen sinn, wou mir zesummen Entscheedungen huelen wat eist Liewen am Grupp ugeet, oder wei eng Aktivitéiten an Projet'en mir wëllen ëmsetzen. Deng Zefriddenheet ass eis wichtig. Dir als Elteren, sidd en ganz wichtigen Bestanddeel vun ärem Kand sengem Liewen. Dofir krit och dir d'Méiglechkeet un den Entscheedungen vis-à-vis vun ärem Kand deelzehuelen. Dëst an Form vun reegelméissegem Rdv'er an Gespréicher wou mir mat lech an ärem Kand seng Entwécklung an seng Fortschrëtter beschwätzen.



Fräizäit

Nieft der Schoul an dem Zesummeliewen am Formida Wunnen ass Fräizäit och en wichtige Deel vun dengem Liewen, deen mir wëllen ënnerstëtzen. Du bass an engem Club oder an engem Veräin an wëlls déi Aktivitéiten weider maachen, du wëlls Zäit mat dengem Kolleegen verbréngen? Mir kucken mat dir zesammen, dir dës Méiglechkeet weiderhin ze gin, dorunner deelzehuelen.

Och wanns du nach net sou richtig weess waats du mat denger Fräizäit solls ufänken, kënnen mir hëllefen déi passend Fräizäitaktivitéit fir dech ze fannen. Hei zu Esch gin et eng ganz Réi Veräiner an Clibb wous du dech kanns aschreiwen. Mir vum Formida Wunnen bidden dir och verschidden Aktivitéiten un wous du kanns drun deelzehuelen an kanns ausprobéieren ob dat eppes fir dech ass, an dat an villen Beräicher, wie z.B. Sport, Kultur, Kreativitéit, soziaalt Engagement.

Gesondheet an Ernierung

Mir huelen am Formida Wunnen Récksiicht op individuell Besoin'en vun denger Ernierung. Moies an Owes iessen mer zesammen.

Begleitung bei schouleschen Erausfuerderungen

Moies virun der Schoul


Fir eis ass et wichteg dass du gutt an den Dag kanns starten, dofir stinn mir am Formida Wunnen mat Zäit op, dann kanns du dech a Rou fäerdeg maachen. Am U Schloss iessen mir zesummen, an maachen eis zesummen op de Schoulwee.



No der Schoul

Wanns du no der Schoul zeréck kënns, begleeden an ënnerstëtzen mir dech bei dengen Schoulaufgaben, an bei der Organisatioun vun denger Fräizäit.

Mir huelen dech als Persoun wouer, mat all dengen Stärkten, Interessen an bidden dir do Ënnerstëtzung un wous du se brauchst. Mir schaafen no der Schoul een Moment, wous du déi néideg Begleitung kanns froen, zu deem Moment sinn och Educateuren do, déi dech ënnerstëtzen, respektiv kriss du dat néidegt Material zur Verfügung fir kënnen deng eegen Recherchen ze maachen. Am Centre Formida gin et eng Partie Atelier'en, an deenen's du kanns praktesch an kreativ léieren.



Kontakt

Fir d'Umeldung:

Lycée Guillaume Kroll

T. 55 95 45 - 1



Lycée Bel-Val

T. 26 55 47



Fir all aner Informatiounen:

T. 28 38 03 05

formida.wunnen@arcus.lu

